

**Ried vum Här Roland Kuhn, President vun der "Fédération des
Entreprises de Construction et de Génie Civil", bei Geleeënheet vun der
"Fête des Entrepreneurs 2016" den 27. Januar 2016**

- Här Chamberspräsident Mars di Bartholomeo,
- Här Minister François Bausch,
- Här Minister Nicolas Schmit,
- Här Minister Fernand Etgen,
- Dir Dammen an Hären Deputéiert,
- Här President a Memberen vum Staatsrot,
- Dir Dammen an Hären Buergermeeschteren a Schäffen,
- Dir Dammen an Hären vun de Verwaltungen,
- Dir Dammen a Hären Architekten an Ingénieurs,
- Léif Kollegen vum Groupement des Entrepreneurs,
- Léif Eieregäscht,
- Léif Frënn vum lëtzebuerger Bau,

Et as erëm esou wéit.

Wéi Dir wësst ass dëst Fest fir eis Entrepreneuren d'Geleeënheet, firlech alleguer, mat deenen mir all Dag zesumme schaffen **ee grouse Merci** ze soen fir déi gutt a flott Zesummenaarbecht.

De leschten Mettwoch am Januar ass zu engem **festen Rendez-vous** an ärem Agenda ginn.

Merci, dat Dirlech och **dëst Joer** erëm Zäit geholl huet fir op eiser 15. Fête des Entrepreneurs mat eis ze feieren! Dat mécht eis vill Freed.

Mir wëllen awer och dëst Joer erëm vum Fest profitéieren, fir eis **Positioun** zu e puer aktuellen Dossieren duerzeleeën.

Dir Dammen an dir Hären,

2015 war keen einfacht Joer. Et war e mouvementéiert, jo e verréckt, traueregt an emotionalt Joer fir all eenzelnen vun eis.

Stéchwierder ewéi Terror, "Charlie Hebdo" "je suis Paris", Flüchtlingswell, Konflikt Russland/Ukrain, Europa an der Kris, Onstabilitéit an der Euro-Zone, "Grexit" a "Brexit"... hun d'Aktualitéit europa- a weltwäit geprägt.

Op nationalem Plang ass d'Regierung an der **Realpolitik** ukomm. Luxleaks, "Ruling", Referendum, Gesellschaftsreformen, Budgetdefizit, Aarbechtslosegkeet, Sozialdialog, Klimakonferenz a Steuerreform heeschen **hei** e puer vun den Schlagwierder.

Dobäi koom déi lëtzebuergesch **EU-Présidence**, wou déi gesamt Regierung an der 2. Halschent vum leschte Joer eng **gutt** Aarbecht geleescht huet!

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir kommen lues aus der Finanzkris eraus, déi **ekonomesch Situatioun** zu Lëtzebuerg huet sech verbessert, ... mee se bleift **fragile**.

Déi positiv wirtschaftlech Entwécklung ass **nach net** um Niveau vun den Staatsfinanzen ukomm. Trotz Spuermesuren, schreift de Staat nach ëmmer en **Defizit** vum **633 Milliounen Euro**. D'**Staatsschold** as weider héich, 2016 muss d'Regierung een neien Emprunt vun 1,5 Milliarden ophuelen.

Et wär e Feeler sech lo vun de momentanen **positiven** Wuestumsprognosen blenden ze loos.

Am Contraire, kommt mir notzen den Sputt, deen mir duerch eng méi positiv wirtschaftlech Evolutioun kritt hunn, fir eist **Land weider ze reforméieren!**

Kommt mir kucken awer och den **onkamouden Wouerechten** an d'Aen.

D'Regierung soll dëst Joer de Bilan vun eise **Pensiounssystem** maachen. Jiddereen wees awer haut schon, dat eisen System à "**long terme**" net "**viable**" ass. An deene leschten Joeren hate mir ganz einfach net déi Croissance, déi mir **dofir** bräichten.

Eis Reserven wäerten verschwannen a mir kënnen net **méi** déi Pensiounen ausbezuelen, wéi bis **elo**. Dat as puer Mathematik a keen Geheimnis!

D'Regierung muss dofir **couragéiert an décidéiert** handeln an däerf eisen Finanzéierungsproblem bei der Altersversuergung net op déi laang Bänk drécken!

Dir Dammen an Dir Hären,

Virun bal genau engem Joer hun d'Employeuren een **Accord mat der Regierung** ënnerschriwwen fir **d'Kompetitivitéit** vun den Entreprises ze stäerken an hinnen finanziell, wirtschaftlech a sozial **Previsibilitéit** ze garantéieren.

D'Betriber hunn hirt Versprieche aagehalen an **d'Engagement** geholl, fir bis 2018 zousätzlech 5.000 Leit, déi bei der Adem ageschriwwen sinn, anzustellen! D'Betriber huelen desen Engagement eescht, wéi de Reckgang vum Chômage beweist.

D'Regierung awer léist sech Zäit, fir hieren Deel vum Accord anzehaalen.

Een weideren wesentlechen Punkt vun dem Accord ass fir d'Handwierk a besonnesch fir d'Baubetrier **d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit**.

Et geet dröms **d'Produktivitéit** vun den Betrier ze verbessern a schlussendlech doduerch Aarbechtsplazen ze halen a neier ze schafen!

Am Géigenzuch huet d'Handwierk **d'Flexibiliséierung vum Congé parental** ënnerstëtzt.

Wat ass geschitt? D'Reform vum Congé parental ass lo um Instanzenwee an aus dem "Gesamtpackage" vun der Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit erausgeholl, a virgezunn ginn!

D'Flexibilitéit, déi d'Leit iwwer de Congé parental kréien fir Famill a Beruff besser ze kombinéieren, muss awer och eng Flexibilitéit sinn, déi fir d'Betrier existéiert. Den Parallelismus ass gebrach ginn! Mir bedauern dat!

An enger Aarbechtsrelatioun ass d'Flexibilitéit vun dem engen, ëmmer eng **gewëssen Contrainte** fir deen aneren.

Et gëllt also **Kompromësser** ze fannen, an och d'Gewerkschaften müssen endlech déi néideg **Kompromëssbereetschaft** weisen, a net ëmmer nei iwwerdriwwen Fuerderungen ob den Dësch geheien!

Wann **Sie** weider blockéieren, dann ass de **Moment** kumm, wou d'Regierung hier **Verantwortung** muss huelen a kloer soen, a wat fir eng **Richtung** et soll goen.

Mir kënnen net joerelaang ouni Resultat diskutéieren, an eis ëmmer erëm verträischten loossen.

Mir brauchen e besseren gesetzlechen Kader, fir op **Betriebsniveau** mat eisen Leit déi noutwendeg méi flexibel Organisatioun vun der Aarbechtszäit négociéieren ze kënnen.

An de Betriber funktionnéiert den **Sozialdialog**. D'Leit selwer wëllen oft méi flexibel schaffen an dofir fannen d'Betriber mat hiren Mataarbechter oder deenen hirer Delegatioun en Accord.

D'Gewerkschaften, par contre, schwätzen oft **net** déi selwecht Sprooch wéi déi Leit, déi se virginn ze verrieden!

Sie schwätzen vun grouse d'Prinzipien a verkennen d'Realitéit um terrain an an de Betriber, well hier Verrieder meeschtens nach keen Betrib vun bannen gesinn hun!

D'Gewerkschaften **fuerderen** ëmmer erëm gären den **"Triple A"** um niveau vun eise **Sozialstaat**.

D'Betriber hirersäits **handelen** a sinn de Garant fir den **"Triple A"** am Emgang mat hiren Mataarbechter. D'Betriber wëssen, dat **motivéiert an zefridden Mataarbechter**, hir wertvollst Ressource sinn! Daat brauch kéin eis ze soen!

Dir Dammen a Dir Hären,

Am Géigensaz zu villen aanere Länner setzt d'Regierung hier Politik fir **d'Investissementer** héich ze halen konsequent fort. 2016 erreechen d'Investissementer mat 2.2 Milliarden Euro **Rekordniveau!**

Mir soen et all Joer op dëser Plaz. Dat ass déi richtig Politik!

All investéierten Euro an eis Infrastrukturen ass een **nohaltegen** Invest, ass een Invest an d'Zukunft!

E besonneschen Akzent läit op den **Investissementer am öffentliche Transport**. Mir alleguer erstécken Dag fir Dag am

Verkéier, sief et moies fréi fir op d'Aarbecht, am Dag, oder Owes um Heemwee. Och d'Ekonomie steet am Stau.

Eist Land kann sech nëmmen weider entwéckelen, wann mir **Zesummenspill** tëscht **öffentlechem Transport** an **Individualverkéier** konsequent weider virundreiwen.

D'Entrepreneuren ënnerstëtzen dem Minister François Bausch seng **Transportpolitik** a sinn frou, dat dobäi och nach Dotatioun vum Fonds des routes ëm 30 Milliounen Euro klëmmt!

Dir Dammen an dir Hären,

Trotz gudder Optragslag **bleift d'Situatioun fir d'Baubetriebe** schwieereg.

Vill etabléiert Lëtzebuerger Betrieber kréien einfach **keng Aarbecht méi** iwwert **eng öffentliche Ausschreibung!**

Et ass een regelrechten **Präisskrich** entfacht.

Déi Situatioun arrangéiert sécherlech den Bauherr, et kann een dem Secteur virgeheien e wier selwer Schold un der Situatioun, schliesslech sinn et d'Betriebe, déi d'Präisser rechnen.

Et heescht d'Konkurrenz beliebt d'Geschäft. Dat stëmmt, mee d'Konkurrenz funktionnéiert awer just, wann jiddereen sech un déi selwescht Spillregelen hält an de Respekt vun de Spillregelen och konsequent kontrolléiert get.

A genau hei, léit de Problem. Mir müssen zesammen fir **fair Regeln** suergen!

De Secteur ass **Demandeur**, fir dat **virum Zouschlag** vun enger Soumissioun, méi genee gekuckt gëtt, ob de Präis net **anormal déif** ass, ...ob Steieren, TVA an déi sozial Cotisatiounen esou bezuelt goufen, wéi dat eis

d'Soumissiounsgesetz virgesäit, zou Lëtzebuerg oder am Ausland!

Kommt mir gräifen méi oft op d'Instrument vun der **Präisanalyse** zeréck, iert d'Aarbechten vergi ginn. Mir brauchen awer dofir déi néideg **Fachleit**, fir esou eng Präisanalyse richteg ze maachen!

De Secteur ass **och Demandeur** fir dat d'Bauherren bei öffentliche Ausschreibungen verstärkt op **aner Critèren**, wéi eleng de **bëllegsten Präis**, zeréckgräifen.

D'Qualitéit an d'Nohaltegkeet vun der Offer musse **méi** ewéi bis elo konsideréiert ginn! Nëmmen dann, komme mir vum **Drock** vum bëllegsten Präis, den op de Betriber léit, fort!

De Secteur ass demno **och Demandeur** fir méi streng Kontrollen op de Chant'écher a méi scharf Sanktiounen fir Betriber, déi falsch spillen. Dat ass keng nei Fuerderong!

Mir hunn zesummen mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit, der Gewerbeinspektioun an den Gewerkschaften **d'Gesetzesännerungen** ausgeschafft, fir verstärkt géint **all deloyal Konkurrenz** virzegoen.

Deloyal Konkurrenz schued net just de Betriber, déi sech un d'Regelen haalen. Sie schued de Salarieen, an à la fin du compte, schued se och der Allegemengheet.

Et ass un der Zäit déi Gesetzesännerungen ze stëmmen an um Terrain ze applizéieren.

Dofir müssen **och** d'Gewerbeinspektioun an Douane déi néideg Moyenen kréien, fir d'Kontrollen permanent kënnen durchzeféieren, an dat och Owes, Samsdes a Sonndes.

Mir ennerstëtzen dee neien Direktor Marco Boly a seng Equipe bei hiren Beméihungen, d'ITM ze reforméieren!

Ech mengen et ass **héich Zäit**, fir eis mat den zoustännegen Ministeren un en Dësch ze setzen an zesummen am Dossier géint **déi deloyal Konkurrenz** de Punkt ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären,

De **Wunnensbau** bleift een vun de groussen Problemer hei am Land!

Wann d'**Leit d'Gefill hunn**, si kéimen mat hirer Pai knapps iwwert d'Ronnen, wann **d'Betriben d'Gefill hunn**, méi héich Paieren hei zu Lëtzebuerg ze bezuelen, ewéi anerwärts, dann huet dat eppes domat ze dinn, dat ee groussen Deel vum **Revenu** vun de Leit obgebraucht gëtt, fir hei ze wunnen!

Mir brauchen e **neit Konzept** am Logement!

Et geet net duer de Wunnensbau eleng wëllen ze **subventionéieren**, esou laang nëmmen 90 Wunnengen do sinn, an 100 Leit dës Wunnengen wëllen!

Am Contraire, **Subventiounen** drécken den Präis nach weider an d'Luucht!

Et ass déi **richteg Politik** an d'Zukunft d'Offer ze ënnerstëtzen amplaz Demande ze subventionéieren !

Trotz Budgetscontrainten, geet dem Logementsministère säi **Budget** ëm een Drëttel an d'Luucht!

De **Fonds de Logement** gëtt reforméiert! Mir wënschen der neier Direktiounséquipe vill Erfolleg a wäerten se zu all Moment ënnerstëtzen!

D'Regierung wëll méi op de **Logement locatif** setzen!

Dat sinn déi **richteg Décisiounen!** Mir fuerderen daat schon ganz laang!

Déi öffentlech Hand kann de Problem vum Wunnengsbau awer **net eleng** léisen!

D'lescht Joer sinn zu Lëtzebuerg 13.000 Leit bäikomm!
D'Promoteur Public'en, och wann se elo nei opgestallt sinn, kënnen deen zousetlechen Besoin un Wunnraum net bauen!

Mir **all zesummen** müssen méi Wunnengen bauen: Staat, Gemengen, öffentlech an privat Bauträger!

De Secteur ass bereet eng Hand mat unzepaken an **d'Engagement** ze huelen fir **pro Joer X** Wunnengen zousätzlech ze bauen.

Am Géigenzuch féiert awer kee Wee derlaanscht, dat d'Regierung **d'Prozeduren** drastesch reduzéiert a reforméiert!

De gesonden Menschenverstand muss erem spillen!

2007 hun mir schon ob dëser Plaz vum **"Parcours du combattant"** geschwat!

Mir hunn Gefill, dat **deen** Parcours nach méi schwiereg ginn ass, d'Stéchwierder heeschen neierdings: "Magerrasen", Flantermais, Haselmaus, "arbre remarquable", oppenen drainage, etc.

2014 huet den Wirtschaftsminister op der Neijoersreceptioun vum Handwierk keen **Omnibus-Gesetz**, mee een **TGV-Gesetz** ugekënnegt.

Zwee Joer méi spéit ass den TGV nach ëmmer net an der Gare ukomm!

D'Kollegen vun den Landmaschinenhändler hunn mir erklärt, dat TGV eigentlech "Tracteur à Grande Vitesse" heescht. Dat géif natierlech viles erklären!

Spaass ob d'Säit ... a verstitt eis net falsch. TGV-Gesetz sollt en éischten Schratt an der Vereinfachung vun den Prozeduren sin, awer mir waarden!

Een projet de loi fir **d'Naturschutzgesetz** ze reforméieren léit vir. Do waarden mer och...!

Mir waarden besonnesch drop, dat de Staat d'Kompensatioun vun den Biotopen selver an d'Hand hellt, an mir, déi Suen an een speziellen Fong bezuelen, déi geschellt sinn. Elo ass et esou, mir müssen Terrain'en fannen, waat net einfach ass, déi iwwerdéiert bezuelen, an domat maachen mir schlussendlech d'Préiser an de Gemengen fir Ackerland och nach futti.

Mir müssen et awer och fäerdeg bréngen den **Impakt** vun engem Projet ob d'Emwelt nëmmen **eemol**, an zwar am Naturschutzgesetz, a **net nach** zousätzlech an aneren Gesetzer ze iwwerpréifen, wéi zum Beispill an de Gesetzer iwwert den aménagement du territoire oder den aménagement communal!

Et gëllt um schnellsten Wee eng **nei Direktiv** vun Bréissel an dem Sënn ëmzesetzen!

Mir müssen ganz einfach erëm **decisiounsfähig** ginn!

Dofir brauch, den Logementsminister onbedingt eng **transversal Kompetenz**, wann et heescht Decisiounen huelen, wann et heescht **Interessenskonflikter** ënnert eenzelnen Ministèren, Verwaltungen ze **arbitrëieren**!

Mir hunn all eent gemeinsamt Ziel : zousätzlechen an abordablen Wunnraum schafen!

Dir Dammen an Dir Hären,

Op der **UNO-Klimakonferenz zu Paräis**, ennert Letzeburger Présidence, hunn 195 Staaten sech dozou verpflichtet fir **d'Äerderwärmung** ënnert 2 Grad ze halen.

Et ass een histoireschen Accord fir de **Klimawandel** offensiv unzegoen!

Elo gëllt et och eis Hausaufgaben zu Lëtzebuerg ze maachen.

D'Handwierk an de Bau bidden dem Umweltministère hir Mathëllef un, fir déi ambitiéis Ziler vun der **COP 21** ëmzesetzen!

Energieeffizienz an Energieaspuerung ginn am Wunnengsbau grouss geschriwwen!

De Bau ass e **Musterschüler** an deem Sënn, dat Lëtzebuerg dat éischt europäescht Land ass, wou ab dem 1. Januar 2017 "**d'Nearly Zero Energy Building**" de Standard fir Neibauten gëtt!

Vill Potenzial fir **weider Energie** anzespueren läit an der **Aalbausanéierung**.

D'Regierung kennt d'Propositionen vum Handwierk an dem Beräich:

- d'Aféierung vun **steuerlechen Ureizer** fir den **Propriétaire** an den **Investisseur**, fir d'energetesch Sanéierung vun der eegener oder enger verlounter Wunneng;
- d'Uwendung vum TVA-Saz vun 3 Prozent bei Wunnengen, déi ob mannst 10 Joer al sinn. Haut läit déi Konditioun bei 20 Joer.

Kommt mir maachen keng hallef Saachen an setzen och am Aalbau verstärkt **politesch Akzenter** am **Beräich vun der Energieeffizienz!**

Dir Dammen an Dir Hären,

Am September 2002, hunn mir zesummen mat eisen Kollegen vum Groupement, deen éischte Grondsteen vun eise **Formationsinstitut** zu Beetebuerg geluet.

Haut, 13 Joer méi spéit, sinn mir frou **nei Noperen** ze kréien!

D'Fédération des Artisans huet zesumme mat 14 Fachverbänn **zwee weider "Centres de Compétences"** an de Beräicher **Génie Technique** an **Parachèvement** gegrënnt.

De Bau an Ausbau sinn elo excellent opgestallt fir de Betriber eng **strukturéiert Offer** am Beräich vun der Weiterbildung unzebidden an esou méi produktiv a kompetitiv ze ginn!

D'Entrepreneuren ënnerstëtzen déi zwee nei **Weiderbildungszentren** wou se nëmmen kënnen, well et ass eng **win-win Situatioun fir de ganze Secteur**, wann mir eis Efforten bündelen an an déi selwescht Richtung zéien!

Dir Dammen an Dir Hären,

De Bau war nach ëmmer **innovativ!**

BIM - Building Information Modeling – dat as d'Zukunft!

Et geet drëms fir d'éischt **digital** an dann **real** ze bauen!

D'Ofleef um Bau kënnen duerch een **3D-Modell** bis an den leschten Detail **simuléiert** ginn.

Delaie kënnen méi einfach agehale ginn! Iwwerraschungen bleiwen gréisstendeels aus!

Ännerungen um Projet ginn um **virtuellen Modell** gemaach a sinn fir all Bedeelegten direkt visibel an disponibel. Massen, Stéckzuelen ginn automatesch ugepaast an d'Käschtenkalkulatioun gëtt direkt aktualiséiert!

Des **nei optimiséiert Method fir ze plangen** wäert d'Bauen an der Zukunft nach méi **effizient** maachen an d'Produktivitéit vun den Betriber verbessern!

Et geet lo drëms, zesummen **een op eisen Bausecteur ugepassten BIM** auszeschaffen! D'Aarbechten an deem Sënn hunn schons am CRTI-B ugefaang. Dat begréissen mir!

Den **CRTI-B** huet sech dat lescht Joer **nei opgestallt**, fir senger **Koordinatiounsroll** ënnert sämtlechen Acteuren am Bau, nach besser gerecht ze ginn!

Dir Dammen an Dir Hären,

Erlaabt mir e lescht Wuert zu der, fir 2017 ugekënnegter, **Steierreform**.

D'Basis, op der d'Steiere fir Betriber gerechent ginn, soll **méi breet ginn**, den **taux d'affichage** soll **erof goen**!

D'Presentatioun vum lëtzebuerger Steiersystem **no baussen** soll méi **konkurrenzfähig** ginn!

Et héiert een **villes**, mee **genee** wees een **näischt**!

Et ass neidech, dat mir duerch eng méi attraktiv Steierpolitik **Aktivitéit** op Lëtzebuerg zéien, an doduerch an de nächste Joeren erëm **méi Invest, Emploi, Masse salariale** an schlussendlech **Steierrecetten** generéieren!

Mir müssen trotzdem oppassen, dat d'Steierreform net op Käschen vun der **Investitiounsfähigkeit** vun Kleng- a Mëttelbetriber geet.

Mir dürfen op kee Fall **d'Steierlaascht** vun dëse Betriber eropsetzen! Et sinn déi Betriber, déi haut nach Aarbechtsplazen schafen!

Dir Dammen a dir Hären,

Loost mech, ewéi gewinnt, schléissen mat engem **groussen Merci:**

- un Iech alleguer wéi der hei sidd,
- un eis Donateuren, déi eis wie ëmmer generéis ënnerstëtzen,
- un d'Equipe vun der Federatioun, déi dat Fest hei organiséiert,
- an un eis Käch an hirt d'Personal.

Et geet **eis Lëtzebuerger** besser, wéi eisen Noperen, et geet eis besser, wéi de meeschten Leit an Europa an doriwwer eraus!

Mir sollen eis freeën, dat mir an engem Land liewen mat engem **staarke Sozialstaat**, engem **excellente Gesondheetssystem** an engem **héije Liewensstandard!**

Et huet een d'Gefill, dat mir duerch d'Kris zu enger **Jalousiegesellschaft** ginn. Een vergläicht sech mat dem aneren!

Op der enger Säit **déi Gutt**, op der aner Säit déi **Béis**.

Dat ass net de **Lëtzebuerger Modell**, esou ewéi mir e kennen!

Mir müssen, dat **Schema** erëm aus dem Kapp kréien, dat wann mir eppes fir d'Betriber maachen, dat automatesch schlecht ass fir anerer.

Nee, de Contraire as de Fall!

Wann d'Betriber kompetitiv sinn, hun mir als Gesellschaft déi néideg Moyen e staarken a generéisen Sozialstaat ze finanzéieren an an der Durée ofzesëcheren.

Wann et de Betriber gutt geet, geet et de Léit gutt a wann et de Léit gutt geet, geet et de Betriber gutt.

Dir Dammen an Dir Hären,

Lëtzebuerg steet weiderhinn viru groussen Erausfuerderungen.

Mir müssen zesummen halen als Land, als Gesellschaft, gedriwwen vun der **gemeinsamer Suerg** sech deenen Erausfuerderungen ze stellen an ze meeschteren!

Et bleift mir, a mengem an am Numm vun der Federatioun vun den Entrepreneuren, lech an Ären Famillen, **ee gesond a glécklecht Joer 2016** an nach ee flotten Owend op eise Fest ze wënschen.

Nach 2 lescht Wieder. Dëst Joer hun mir eng sougenannten PIXBOX bei der Receptioun obgestallt, dou kennt dir lech den ganzen Owend mat ären Kollegen op eng witzeg Art a Weis fotograféieren loos. Also, avis aux amateurs!

Mir wäerten och dëst Joer erëm um 01.00 Auer Schluss maachen, fir dat dir alleguer gesond a monter heemkommt.